


Sommedieue



De Samschde 7. Februar 2026 war de Start an déi nei Saison vum Flyfishing Club aus Letzebuerg. 15 Memberen haten sech op de Wee op Sommedieue gemaach wou mir ewéi schonn an der Vergaangenheet de Site vum Domäne fir eise Club reservéiert haten an esou ongestéiert de ganzen Dag eis Passioun ausliewe konnten. Mir waren also bei wonnerschéinem Fréijoers Wieder ugetruede fir et mat deene schéine Forellen am glasklore Waasser opzehuelen an eis Fëscher hunn sech och net laang fléiwe gelooss an hu mat honnert à l'heure lass geluecht wat och net verwonnerlech war hate mir eis dach de ganze Wanter op deen Dag gefreet a konnten et bal net méi erwaarden dass et endlech erëm géif lass goen.





Natierlech hu mir fir unzefänken eis ee mol bei de Kolleegen informéiert ewéi Sie dann d'Feierdeeg verbruecht haten, net ouni Hinnen dann och fir déi nei Saison nëmmen dat Bescht (natierlech ee puer Fësch manner ewéi sech selwer) ze wënschen an hunn eis informéiert ewéi Sie de laange Wanter verbruecht hunn, op Sie op der Fëscheraustellung zu Charleroi gewiescht wären a mat ewéi enge Mécke Sie hir Këschte fir déi nei Saison gefällt hunn.





Ënnerwee fir op Sommedieue war nach décken Niwwel mee ee mol um Site ukomm hu mir konnten ee Virgeschmaach op d'Fréijoer kréie bei 12° Grad an nëmme Sonn sinn ze guer ee puer mol d'Krukerte bei eis laanscht komm fir eis ze verstoe ginn dass et elo och wierklech erëm lass géif goe mat eiser Saison. No ee puer Stonne wou déi éischt Opreegung sech schonn ee bësse geluecht hat huet de Bruno d'Klack gelaut an et war Aperó ugesot.





Gutt gestärkt no engem wonnerbaren Iesse wou et eis awer och u guer Näischt gefeelt huet, Kéis an Dessert inklusiv an zum Ofschloss ee klénge Kaffi fir erëm op d'Been ze kommen, a schonn hunn eis Fëscher mat genee deem selwechten Elan lass geluecht ewéi dat Moies de Fall war. Et sinn och Mëttes ee puer schéi Fësch gefaange gi mee dat war du schonn net méi esou wichtig villméi hu mir eis Komerodschaft a Verbonnenheet fir eis Passioun gelieft, de Grond firwat mir eis ëmmer erëm zesummen op de Wee maache fir esou schéin Deeg kennen ze erliewen. Mee u sech ass Sommedieue jo awer eréischt den Ufank a wann dat sollt ee Virgeschmaach op de weidere Verlaf vun eiser Saison sinn da stinn eis nach ee puer schéiner Deeg an Aussicht zemools wou eise Club dach dëst Joer säin 30 järeg Bestoe feiert.



